

Grënnung vum Meedercherslycée zu Lëtzebuerg.

° Am Ufank vum 20. Joerhonnert huet d'Fraebewegung an de Lëtzebuenger Nopeschlänner schonn allerhand erreecht. Couragéiert an opgeklärte Fraen, wéi D'Aline Mayrisch de St. Hubert, engagéieren sech zu Lëtzebuerg a grënnen e Veräin: „Verein für die Interessen der Frau“, deem säin Haaptuleies d'Aféiere vun engem Enseignement Moyen fir Meedercher war.



Aline Mayrisch de St. Hubert

° 1909 gouf zesumme mat deem Veräin an e puer Profresseren eng „Association pour la création d'un Lycée de Jeunes Filles » gegrënnt, déi am Oktober vum selwechte Joer um Lampertsbiërg déi éischt Septième fir 31 Meedercher opgemaach huet. D'Stad Lëtzebuerg hat do 2 Klassenäll zur Verfügung gestallt.

° 1910 gëtt de Meedercherslycée zu Esch Uelzecht gegrënnt, mat 58 Schülerinnen an 2 Schoukllassen.

Et war awer nach laang net jiddereen d'Accord domadder:

- Et ass op d'Käschte verwise ginn an op de fait, datt nëmmen eng Minoritéit vu Meedercher mat extravaganten Ausbildungswënsch géif dervu profitéieren. Di natierlech Bestëmmung vun der Fra géif sech op Famill an Haushalt beschränken.
- Et ass och gesot ginn, datt Meedercher mat engem Premièresexame géifen eng ongesond Konkurrenz tëschent studéierende Fraen a Männer eropbeschwiieren. No der Ausbildung géifen d'Meedercher de Jongen Aarbechtsplaze streideg maachen an datt doduerch och deenen hir Léin kéinten erofgoen.
- D'Professere géifen iwwerlaascht ginn duerch ze vill Aarbecht, an et wär onsittlech, datt jonk Meedercher vu männleche Profressere missten ënnerriicht ginn, well weiblech Profressere ware jo keng do.

.....

Vill Proffen an de Lycéeën uechtert d'Land waren awer der Meenung, datt d'Meedercher e Grondrecht op déiselwecht Bildung hätten. „**La constitution dit: enseignement public. Qui dit enseignement public dit enseignement accessible à tous...**

Ab 1909 hate Meedercher elo d'Méiglechkeet an engem Lycée e Premièresexamen ze maachen a waren duerno zu Universitätsstudien zougelooss.

Mat dem Zougang zu Bildung hu Fraen, bestuet oder net, d'Méiglechkeet kritt e fräit an onofhängegt Liewen ze féieren, e Recht dat de Frae bis dohi virenthale war.

An dësem Sënn gouf den 3. Mee 1911 d'Gesetz iwwert d'Schafung vun de Meedercherslycéeën eestëmmege an der Chamber ugeholl an di 2 Meedercherslycéeën (Esch a Stad) hunn hir Dieren offiziell den 2. Oktober 1911 opgemaach.

Allerdéngs war den Unterrecht, dee fir d'Meedercher deemools festgeluecht gouf net identesch mat deem vun de Jongen. Beispillsweis gouf et eng Rei vu Fächer wie „Haushaltslehre, Hygiène a Säuglingspflege“ déi sech just un déi jonk Meedercher geriicht huet. Och sinn d'Meedercher eréischt vu 4ième un zum Latäinstudium zougelooss ginn.

Et huet bis zum Schoulreformgesetz vun 1968 gedauert bis d'Bildung fir Meedercher a Jonge gläichgestallt gouf! Eréischt vun do u konnt Jongen a Meedercher am selwechte Lycée an der selwechter Klass sinn.

« Der Verein für die Interessen der Frau » oder Bürgerliche Frauenbewegung in Luxemburg, in 'Wenn nun wir Frauen auch das Wort ergreifen', Frauen in Luxemburg 1880-1950 und « Wéi et vru 75 Joër zur Grënnung vum Meedercherslycée koum » Fräi nom Germaine Goetzinger

Fragen:

1. Wann wurde das erste Mädchenlyzeum in Luxemburg gegründet und wie kam es dazu?

.....

.....

.....

.....

.....

.....

.....

2. Wer war Aline Mayrisch?

.....

.....

.....

.....

.....

.....

.....

3. Welche Argumente wurden gegen diese Gründung angebracht?

.....

.....

.....

.....

Zusatzfrage: Warum ist das Datum 1968 wichtig?

.....

.....